COMMUNE DE GROSBOUS
1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous
www.groussbus.lu

83 80 22-1 info@groussbus.lu

KlimaPakt
European Energy Award

Groussbus, de 19. Mäerz 2020

Communiqué vum Schäfferot am Kontext vun der COVID-19 – Kris

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Etat de crise zu Lëtzebuerg

Zanter dem 18. Mäerz ass eist Land offiziell am „Etat de crise".

Jidder Eenzele vun eis misst et spéitstens elo bewosst sinn, wéi eescht – jo dramatesch – d'Situatioun ass. D'Zuele vun den Infizéierten a virun allem vun deene Persounen, déi d'Infektioun bedauerlecherweis net iwwerlieft hunn, klamme vun Dag zu Dag rasant un.

Dee Virus mécht keen Ënnerscheed a mir all kënne potentiell infizéiert ginn an esou anerer infizéieren. Fir déi Kettereaktioun ze brieche si **mir alleguerten an der Verantwortung**, eis selwer géinteniwwer, mee och vis-à-vis vun eise Matmënschen. Et heescht elo, all onnéidege soziale Kontakt ze vermeiden. **Nëmme wann ALL MËNSCH sech un d'Consignen vun der Regierung hält hu mir eng Chance fir dës Schluecht ze gewannen.**

Personnes vulnérables / Risikogruppen

D'Restriktiounen an d'Konsequenzen op eisen Alldag si gewalteg, mee absolut noutwendeg. Awer d'Solidaritéit an der Populatioun ass genee esou grouss.

Gehéiert Dir zu der Risikogrupp (personnes vulnérables), da profitéiert onbedéngt vun der **Offer vun de lokale Scouten oder vun der Asbl ‚Gutt Noperen', sou wéi och de ‚Forum pour l'emploi', déi bereet sti, fir Iech Liewensmëttel respektiv dringend Medikamenter ze besuergen.**

Donieft funktionéiert och zanter dem 19. Mäerz eng Online-Plattform wou Dir kënnt Liewensmëttel bestellen an heem liwwere loossen.

All Kontakter fannt Dir um Enn vun dësem Schreiwes.

Gemengeservicer

Nach ee Wuert zu de Gemengeservicer. Fir eist Personal ze schützen huet de Schäfferot decidéiert, **d'Büroe vun der Gemeng fir de Public zou ze maachen**.

All Fester, Manifestatiounen, Versammlungen an aner Aktivitéiten an de Gemengesäll si bis op Weideres annuléiert.

Et ass awer eng **Permanence am Populatiounsbüro genee wéi och am Service technique assuréiert.** Mir si weiderhin ze erreeche per Telefon a per Mail.

Hutt wegl Versteesdemech fir eventuell Waardezäiten. Eis Leit maachen alles wat méiglech ass fir Iech esou séier an sou gutt et geet virun ze hëllefen.

Keng Suerg: **Absolut essentiell Servicer ginn natierlech och weiderhin assuréiert,** wéi z.B. d'Sécherheet an de Fonctionnement vun den Infrastrukturen (Waasser- an Ofwaasser, Poubellen), wichteg Akte vum Etat Civil.

Aner, manner wichteg Déngschtleeschtunge sinn awer aktuell suspendéiert (z.B. Gréngschnëttsammlung). Kuckt fir den Detail um Internetsite vun der Gemeng.

D'Schoulen, d'Maison Relais an d'Crèchë bleiwen zou bis de 19. Abrëll 2020.

De Schäfferot bleift weider all Dag fir Iech um Ball fir op d'Evolutioun vun dëser dynamescher Kris kënnen ze reagéieren.

Ofschléissend nach een dringenden Appell: Den Internet an d'sozial Medie si voll vu gutt gemengt Rotschléi, awer déi meescht vun deenen Informatioune si Fake-News a provozéieren am schlëmmste Fall falsch Sécherheet. Verloosst Iech also eenzeg an aleng op déi offiziell Informatioune vun der Regierung respektiv vum Gesondheetsministère.

Léif Leit, passt op Iech an Är Matmënschen op a bleift doheem.

Iech all eng gutt Gesondheet!

De Schäfferot
Paul Engel, Armand Olinger, Marc Goelff

Wichteg Adressen a Kontakter

Administratioun 83 80 22-1 info@groussbus.lu	**Service Technique** 83 80 22-32 service.technique@groussbus.lu
Covid-19-Internetsäit um **Site vun der Gemeng Groussbus**:	www.groussbus.lu
Internet-Site Regierung	www.gouvernement.lu **(Rubrik 'Dossiers' > Coronavirus COVID-19)**
Online-Plattform fir Liewensmëttel (exklusiv fir vulnerabel Persounen)	https://corona.letzshop.lu
Kontakt Asbl ‚Gutt Noperen'	**Tel 621 248 715**
Kontakt Groussbusser Scouten	**Tel 691 20 99 62**
Kontakt Forum pour l'emploi	**Tel 80 48 85-1**

COMMUNE DE GROSBOUS
1, rue de Bastogne L-9154 Grosbous
www.groussbus.lu

83 80 22-1 info@groussbus.lu

KlimaPakt
European Energy Award

Grosbous, le 19 mars 2020

Communiqué du collège des bourgmestre et échevins dans le contexte de la crise COVID-19

Chères citoyennes, Chers citoyens.

Etat de crise au Grand-Duché de Luxembourg

Depuis le 18 mars 2020, le Grand-Duché est officiellement mis en état de crise. Chacune et chacun devrait désormais avoir compris que la situation est sérieuse voire dramatique. Les chiffres des personnes touchées par le virus et surtout de celles qui ont malheureusement succombé aux suites de l'infection ne cessent d'accroître quotidiennement et ceci de manière très alarmante.

Covid-19 ne fait aucune différence et un chacun de nous est potentiellement en danger de s'infecter et par conséquent de propager le virus. Il s'agit essentiellement de rompre cet effet boule de neige. Tout habitant est donc dans la responsabilité de faire son apport individuel. Tout contact social non indispensable est à éviter sans condition. Si nous voulons gagner cette bataille, CHACUN SANS EXCEPTION devra rigoureusement respecter les consignes arrêtées par le gouvernement.

Personnes vulnérables

Les restrictions et les conséquences sur notre vie quotidienne seront énormes, mais absolument inévitables. Cependant la solidarité parmi la population est tout aussi grande.

Si vous faites partie du groupe des personnes vulnérables, profitez de l'offre de la troupe de scouts locale ou de l'association „Gutt Noperen" de même que du

'Forum pour l'emploi' qui se proposent de vous procurer des denrées alimentaires ou encore des médicaments urgents.

Le gouvernement a également mis en œuvre une plateforme internet permettant aux personnes concernées de placer leurs commandes en ligne ou par téléphone et qui seront gratuitement livrées à domicile. Cette plateforme est opérationnelle depuis le 19 mars 2020.

Vous trouverez tous les contacts à la fin du présent communiqué.

Services communaux

Afin de protéger au maximum le personnel de notre commune, le collège des bourgmestre et échevins a décidé de fermer les bureaux au public.

Toutes les manifestations culturelles et sportives, festivités, réunions et autres activités dans les salles communales sont annulées jusqu'à avis contraire.

Une permanence est assurée au bureau de la population et au service technique. **Vous pouvez nous contacter par courriel ou par téléphone. Vu les circonstances, ayez compréhension pour d'éventuels délais d'attente, nos agents font de leur mieux pour vous aider.**

Ne vous souciez pas au sujet des services quotidiens : le fonctionnement des services absolument essentiels est assuré (p.ex. alimentation en eau potable, épuration des eaux usées, vidage des poubelles, actes d'état civil etc.).

D'autres services moins importants (p. ex. le dépôt pour déchets verts) sont actuellement suspendus. Consultez à cet effet le site internet de la commune.

Les écoles, maisons relais et crèches resteront fermées jusqu'au 19 avril 2020.

Les membres du collège des bourmestre et échevins continuera à observer de près l'évolution de cette crise très dynamique pour pouvoir réagir de manière appropriée.

Pour terminer un dernier message qui nous paraît important : sur internet et sans les médias sociaux circulent une multitude de bons conseils dans le contexte de la pandémie. Prenez garde : une grande majorité de ces informations sont de fausses nouvelles qui risquent de provoquer, au pire des cas, une fausse sécurité parmi la population. Ne vous laissez pas influencer mais faites confiance aux seuls communiqués et conseils publiées par le gouvernement.

Chers habitants, prenez la situation au sérieux. Restez chez vous.

Nous vous souhaitons une bonne santé !

Le collège des bourgmestre et échevins
Paul Engel, Armand Olinger, Marc Goelff

Adresses et contacts importants

Administration 83 80 22-1 info@groussbus.lu	**Service Technique** 83 80 22-32 service.technique@groussbus.lu
page Covid-19 sur le **site internet de la commune de Grosbous:**	www.groussbus.lu
site internet du gouvernement luxembourgeois	www.gouvernement.lu **(Rubrique 'Dossiers' > Coronavirus COVID-19)**
commandes de denrées alimentaires (réservé aux personnes vulnérables)	https://corona.letzshop.lu
contact asbl ‚Gutt Noperen'	**Tel 621 24 87 15**
contact Groussbusser Scouten	**Tel 691 20 99 62**
contact Forum pour l'emploi	**Tel 80 48 85-1**